N°3240
Entrée le 06.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse du ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, à la question parlementaire n°3240 du 25 novembre 2025 de l'honorable député Sven Clement au sujet d'une hausse des marges des fournisseurs d'électricité**

*1. Wéi erkläert de Minister d'Tatsaach, datt d'Bruttomarge vun de Stroumliwweranten am Joer 2024 ëm bal 50 % geklommen ass, obwuel d'Grousshandelspräisser däitlech erofgaange sinn?*

Et ass ze begréissen, datt den Institut Luxembourgeois de Régulation (ILR) a sengem järleche Rapport seng Analysen zu den Aspekter vun der Konkurrenzsituatioun um Stroummarché, zu deenen d'Entwécklung vum Marché de détail mat de Parts de marché, de Wiesseltauxen vun de Clienten an d'Marchéspräisser gehéieren, esou detailléiert duerstellt.

Wéi den ILR a sengem Rapport awer och festhält, ass seng Analys zu de Brutto-Margë vun de Fournisseuren ënnert Hypotheesen erstallt ginn. Dozou bemierkt den ILR, datt déi zeréckbehalen Hypotheesen, déi geholl goufe fir de mëttlere Beschafungspräis ze bestëmmen, nëmmen eng Approximatioun duerstellen, an datt dëse geschate Präis net onbedéngt der Realitéit entsprécht. D'Bruttomarge vun de Stroumfournisseuren, sou wéi se vum ILR duergestallt sinn, baséieren op enger theoretescher Berechnung vun de Grousshandelspräisser, déi net onbedéngt der effektiver Akafsstrategie vun de Fournisseuren entsprécht.

D'Stroumfournisseuren hunn an der Reegel eng Akafsstrategie, déi op méi laangfristegen Approchë berout, mat där probéiert gëtt d'Auswierkunge vu groussen Präisschwankungen esou kleng wéi méiglech ze halen, an domat och de Client virun dynamesche Präisännerungen ze schützen. Dat heescht och, datt déi reell Bruttomarge vun de Stroumfournisseuren net vun 2023 op 2024 ee Sprong vu 50 €/MWh gemaach hunn.

*2. Deelt de Minister d'Analyse vum ILR, datt déi héich Marge bei dynameschen Tariffer drop hindeiten, datt d'Fournisseuren dës Produkter bewosst onattraktiv gestalten, fir hir existent Clientsbasis net ze verléieren?*

Dat ofgeännert Gesetz vum 1. August 2007 iwwer d'Organisatioun vum Stroummarché setzt a verschiddene vu sengen Artikelen d'Ufuerderunge vun der europäescher Direktiv 2019/944[1] ëm, fir dofir ze suergen, datt Stroumclienten, déi en intelligente Stroumzieler installéiert hunn a vun engem Fournisseur beliwwert ginn, dee méi wéi 200.000 Clienten huet, kënnen e Stroumkontrakt mat engem dynamesche Stroumpräis ofschléissen.

D'Gesetz vum 1. August 2007 huet de Fournisseuren, déi méi wéi 15.000 Clienten hunn, dës Obligatiounen operluecht. Heiduerch gëtt séchergestallt, datt aktuell ob mannst zwee Fournisseuren um Lëtzebuerger Marché déi Obligatiounen hunn. Mee och déi aner Fournisseuren, déi um Lëtzebuerger Marché aktiv sinn an déi manner wéi 15.000 Clienten hunn, däerfe selbstverständlech hire Clienten esou Kontrakter ubidden.

Den ILR huet, sou wéi d'Gesetz et verlaangt, d'Offere vun den dynamesche Stroumkontrakter, déi et um Lëtzebuerger Stroummarché ginn, an de Präisvergläichstool calculix.lu integréiert, fir de Verglach vun den Offeren méiglechst einfach ze gestalten.

Den ILR huet ënnert anerem déi gesetzlech Aufgab, d'Entwécklunge vum Marché ze iwwerwaachen a Risiken ze evaluéieren, déi déi nei Produkter a Servicer am Zesummenhang mat Stroumkontrakter mat engem dynamesche Stroumpräis kéinte mat sech bréngen, an eventuell Mëssbrauchs-Praktiken ze geréieren, andeems se, wann néideg, bei der Konkurrenz-Autoritéit gemellt ginn.

Wéi den ILR a sengem Rapport schreift, ass e Produkt mat engem dynamesche Stroumpräis nëmmen da vu Virdeel, wann de Client fäeg ass, en Deel vu sengem Verbrauch op Zäiten ze verlageren, wou d'Maartpräisser niddreg sinn. D'Fäegkeet, säin eegene Verbrauch unzepassen, stellt dofir eng wesentlech Bedingung duer fir den Ofschloss vun engem dynameschen Tarif.

Dës Produkter riichten sech also haaptsächlech u Clienten, déi iwwer eng gewësse Flexibilitéit verfügen, d'Entwécklung vun de Spotmaartpräisser verfollege kënnen a bereet sinn, hiert Verhalen entspriechend unzepassen.

Et soll och dorun erënnert ginn, datt d'Spotmaartpräisser an de Joren 2022, 2023 an 2024 eng nach ni gesi Volatilitéit opgewisen hunn. D'Aféierung vun dynamesche Produkter ass domat an engem besonnesch volatillen a risikoräichen Ëmfeld geschitt. An esou engem Kontext war e virsiichtegen oder souguer konservativen Usaz bei der Produktgestaltung net ongewéinlech an huet derzou bäigedroen, d'Clienten ze schützen.

Déi rezent publizéiert Präisser fir dynamesch Stroumpräistariffer leien haut an engem Beräich, dee mat deenen an den Nopeschlänner vergläichbar ass. Zousätzlech si speziell Säiten op de Clientsportaler oder an de mobillen Applikatiounen entwéckelt ginn, déi de Clienten erlaben, zu all Moment op d'Spotmaartpräisser zouzegräifen, d'Präisentwécklung ze verfollegen an, souwäit méiglech, hiert Verbrauchsverhale proaktiv unzepassen.

All dës Moossname weisen, datt verschidde Fournisseuren dynamesch Produkter als eng Alternativ zu anere Produkter ugesinn, fir de Profiller a Besoine vun hire Clientë gerecht ze ginn.

*3. Wéi eng konkret Moossname gedenkt de Minister ze ergräifen, fir sécherzestellen, datt d'Baisse vun de Grousshandelspräisser an Zukunft méi transparent a séier un d'Endverbraucher weidergeleet gëtt?*

De Verbraucher huet all Dag d'Méiglechkeet fir dee Stroumliwwerant ze wielen, deen de beschte Präis um Marché ubitt, a kann de Fournisseur innerhalb vun 3 Woche wiesselen. Um Site www.calculix.lu kënnen d'Offere vun de Fournisseure verglach ginn. E Client dee méi zäitno vun den Tendenzen um Grousshandelsmarché wëll profitéieren, huet d'Méiglechkeet, ee Kontrakt mat engem dynamesche Stroumpräis unzefroen.

D'Fournisseuren hunn d'Baisse vun de Grousshandelspräisser iwwer déi leschte Méint un hir Clientë weiderginn. Déi Baissë sinn am Aklang mat den Akafsstrategien vun deene verschiddene Fournisseuren. Bei engem Fournisseur, dee méi laangfristeg am Viraus akeeft, dauert och méi laang, bis déi Baissen sech ganz um Stroumpräis bemierkbar maachen. Dofir huet déi Approche d'Clientë vun esou engem Fournisseur och vun de Kaprioule vum Marché geschützt an Zäite vu ganz dynameschen an héije Maartpräisser.

*4. Ass de Minister der Meenung, datt de Stroummarché zu Lëtzebuerg, mat senger niddereger Wiesselquote vun 1,0 % bei der Zuel vun de Clienten, genuch kompetitiv ass, fir ongerechtfäerdegt Margen-Erhéijungen ze verhënneren?*

Wéi den ILR a sengem Rapport hiweist, ass de Lëtzebuerger Stroummarché zanter dem 1. Juli 2007 liberaliséiert an all Stroumoffere stinn um oppene Marché a Konkurrenz.

Den ILR weist a sengem Rôle och ëmmer dorop hin, datt d'Stroumclientë méi oft solle Präisvergläicher maachen an och net sollen zécke fir de Fournisseur ze wiesselen, wat ouni Käschten an einfach ze maachen ass. Dem ILR seng Analyse weist awer och, datt d'Wiesselquote sech tëschent 2023 an 2024 méi wéi verduebelt huet. Dëst kann als Hiweis gedeit ginn, datt d'Stroumclienten sech méi fir de Stroummarché interesséieren, a vu senge Méiglechkeete Gebrauch maachen.

*5. Ginn et Pläng, d'Konditioune fir d'Berechnung vun de Präisser bei den dynameschen Tariffer méi staark ze encadréieren, fir de Verbraucher eng reell a kompetitiv Alternativ ze bidden?*

Sou wéi all d'Offere fir Stroumprodukter, sinn och d'Kontrakter mat dynameschen Tariffer d'Resultat vun engem oppenen a konkurrenzielle Marché, deen ëmsou méi dynamesch ass wat méi Acteuren eng Vilfalt vu Produkter ubidden. Et steet all Fournisseur, deen um Lëtzebuerger Stroummarché agéiert, zou entspriechend Produiten unzebidden an d'Konkurrenzsituatioun esou weider ze verbesseren.

Luxembourg, le 06/01/2026

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme

(s.) Lex Delles